N° 6818
Entrée le 12.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.09.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/09/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie, Finanzen & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Eng Persoun krut eng Subventioun fir eng privat Luetstatioun net accordéiert, well déi vun där Persoun ausgewielte Luetstatioun net de Krittäre vum groussherzogleche Reglement vum 19ten August 2020 iwwert d'staatlech Bäihëllefe fir d'Installatioun vu private Luetstatioune fir elektresch Autoen entsprécht. Den Investissement ass awer gemaach an d'Luetstatioun kann net méi zeréckgi ginn. Et kann duerchaus virkommen, dass d'Bierger net wëssen, ob hier Luetstatioun fir d'Subventioun eligibel ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Demandë fir eng staatlech Bäihëllef am Sënn vum uewe genannte groussherzogleche Reglement goufen zënter der Aféierung ugefrot? Wéi vill dovunner goufe refuséiert an aus wéi enge Grënn?

2. Kann d'Regierung eng Lëscht mat den um Marché erhältleche Modeller u Luedstatiounen veréffentlechen, déi aktuell fir d'Subventioun eligibel sinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député

N°6818
Entrée le 12.10.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung an dem Minister fir Energie op d'parlamentaresch Fro n°6818 vum 12 September 2022 vun dem éirewäerten Députéierten Här Marc Goergen iwwert "Subventions pour bornes électriques"

1. Wéi vill Demandë fir eng staatlech Bäihëllef am Sënn vum uewe genannte groussherzogleche Reglement goufen zënter der Aféierung ugefrot? Wéi vill dovunner goufe refuséiert an aus wéi enge Grënn?

Am Ganze goufe bis elo 2618 Subventioune fir elektresch Bornen ugefrot. (Stand um 1/10/2022)

Joer	Unzuel vun Demanden
2020	320
2021	1.000
2022	1.298

Am ganze si bis elo 176 Refusen am Kader vun de Subventioune fir elektresch Borne gemaach ginn. D'Refusen hunn haaptsächlech missen aus folgende Grënn gemaach ginn:

- D'Borne ware net OCPP 1.6 (Open Charge Point Protocol) fäeg (keng intelligent Borne) a se waren a Gebaier mat méi ewéi 3 Parkplazen installéiert (111 Demanden)
- D'Subventioune ware vu Betriber ugefrot ginn (34 Demanden)
- D'Rechnunge waren vu virum 1.7.2020 (20 Demanden)
- D'Leeschtung vun der Borne war méi grouss ewéi 11 kW (11 Demanden)

2. Kann d'Regierung eng Lëscht mat den um Marché erhältleche Modeller u Luedstatiounen veröffentlechen, déi aktuell fir d'Subventioun eligibel sinn?

D'Klima-Agence bitt op hirem Site ënner der Adress https://bornes.klima-agence.lu/ een Outil un, mat deem ee kann déi verschidde Modeller vu Borne ka vergläichen, déi zu Lëtzebuerg um Marché disponibel sinn. Dësen Outil erlaabt et dem Bierger duerch een einfache Questionnaire d'Modeller ze fannen, déi am beschten u seng individuell Situatioun adaptéiert sinn. Déi Modeller, déi a Fro komme ginn an enger Tabell verglach, an där och d'Detailer zur Eligibilitéit fir d'Subsiden ugi sinn.

Et ass den Installateur deen op d'Plaz geet iert d'Aarbechten ufänken, dee säi Client am beschten berode ka wéi eng Borne hie sollt installéieren, fir datt dës éischtens konform mat den "Technische Anschlussbedingungen" (TAB) vum Gestionnaire de Réseau ass an zweetens ee Subside kréie kann.

Lëtzebuerg, den 11. Oktober 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung